N°7436
Entrée le 06.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7436 vum 3. Januar 2023 vum éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert "Ouettes d'Égypte"**

**Firwat bleift d'Regierung bei hirer Positioun, de Bauere keng Entschidegungen auszebezuele bei Schied, déi d'Nilgänsen uriichten obwuel si jo selwer ze verstoe gëtt, datt dës Vullenaart invasiv an och substantielle Schued uriicht?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7216 erkläert gouf, gëtt et keng legal Basis fir Entschiedegungen fir Schued, deen duerch d'Nilgäns entsteet, auszebezuelen.

**Firwat ass d'Juegd op Nilgänse verbueden, obwuel dës als net eenheemesch Déierenaart kee Schutzstatut duerch d'Naturschutzgesetz genéissen? Gedenk d'Regierung déi gesetzlech Dispositiounen esou ëmzeänneren, datt d'Juegd op Nilgänsen an Zukunft zoulässeg ass?**

Déi regulär Juegd op d'Nilgänsen ass verbueden, well d'Nilgäns net als bejobar Aart an der Annexe vun dem Juegdgesetz vum 25. Mee 2011 figuréiert.

Et ass virgesinn eng Analys vun den aktuelle Mesuren aus dem Gestiounsplang vun der Nilgäns ze maachen. Wann d'Conclusioun ass, dass den Aktiounsplang revidéiert soll ginn, da ginn nei Mesure proposéiert. Déi Mesure ginn dann an eng Consultation publique wou all Bierger an all Biergerin konkret Propositiounen kann eraginn. Duerno gëtt den Aktiounsplang dann eventuell ugepasst an et ginn (falls ubruecht) legislativ Upassungen gemaach.

Lëtzebuerg, den 6. Februar 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung